## Interview mam Kultur- a Premierminister  Xavier Bëttel

**Wouranner gesitt Dir de Wäert vun de Walfer Bicherdeeg fir d'Lëtzebuerger Kultur?**

*Et ass déi gréissten an populäerste literaresch Veranstaltung am Land. Et ass och elo sécherlech no 22 Joer eng gewëssen Traditioun hei zu Lëtzebuerg. Et ass e Rendez-Vous fir d'Editeuren, fir déi di gäre schreiwen awer och fir déi di gäre liesen. Et ass wichteg, dass et sou Plaze ginn.*



**Huet dëst Evenement all Joer nees eng fix Plaz an ärem Kalenner?**

*Jo, virdrun awer éischter als Lecteur, elo an der Funktioun vum Kulturminister. Dat heescht elo hunn d'Bicherdeeg eng aner Bedeitung fir mech, awer och nach ëmmer déi wichteg Bedeitung, déi se scho virdru fir mech hat. Haut hunn ech eng aner Roll hei wéi nach d'lescht Joër.*

**Wat wëllt Dir Iech hei op de Bicherdeeg net entgoë loossen?**

*De Kontakt mat de Leit, de Kontakt mat den Auteuren, awer och mat den Editeuren fir ze wëssen wéi et do sou leeft, souwéi mat de Buchhändler. Et geet mer drëms ze kucke wou de Schong dréckt, wat gutt geet a wat net esou gutt geet. Dat ass de But vu sou enger Plaz.*

**Wéi gesitt Dir d'Positioun vu Lëtzebuerg an der Weltliteratur?**

*Ech hunn heiansdo d'Gefill mir wëssen net wat mer wierklech kënnen. Mir hunn och dëst Joer erëm eng Rei international Präiser kritt op héchstem Niveau. Op dat elo zu Berlin, Bréissel oder Paräis ass. Ganz oft si mer eis awer net bewosst, wéi eng Unerkennung mer och am Ausland kréien an dat sollt ee net vergiessen.*

**Thema vun de Walfer Bicherdeeg ass jo dëst Joer „nei Welten". Wéi gesitt Dir dat, wäert eng Koexistenz vum digitalen a gedréckte Buch an Zukunft nach bestoen?**

*Den Client vun haut entscheet. Haut si mer an enger Situatioun, wou d'Wirtschaft, also d'Betriber entgéint kommen, wou virun 20 Joer nach de Client fir e Buch vielleicht 10 Kilometer oder méi gefuer ass, klickt en haut um Internat an huet et dann no zwee Deeg direkt virun der Dier oder schonn no e puer Sekonnen um mobillen Gerät. Den ee liest léiwer digital, deen anere liest léiwer klassesch e Buch aus Pabeier. Et muss een dem Lieser déi zwou Méiglechkeete loossen.*

**Sidd Dir och e begeeschterte Bicherfrënd?**

*Fir mech si Bicher Vakanz, well ech leider am Alldag keng Zäit dofir fannen ze liesen. Ausser et kënnt elo e Buch eraus, wou ech da wierklech rëm ufänken ze liesen an dann ganz onroueg sinn bis ech et fäerdeg hunn. Mee ech si wierklech e richtege Vakanzelieser, Bicher sinn dat wat ech net vergiessen däerf wann ech an d'Vakanz fueren. D'Buch gëtt dann iwwerall matgeholl, bei d'Schwämm, an d'Bidden oder op d'Toilette, also wierklech iwwerall mat.*

**Wéi eng dräi Bicher géift Dir an d'Wallis paken?**

*Dat hänkt ëmmer dovun of. All neit Buch dat ech gelies hunn, hunn ech gutt fonnt. Fir der elo just puer ze nenne wier onfair deenen anere géigeniwwer. Ech liese meeschtens Krimien, oder Autobiographien, awer och Geschichtsbicher. Ech muss zouginn, ganz kompliziéiert Bicher hunn ech net besonneg gären. Wann ech all sechst Wuert net verstinn méscht dat mer och kee Spaass.*

**Wat ass Äert Liiblingsbuch?**

*Ech kannt iech elo keent nennen. Ech hu Bicher, déi mech markéiert hunn, ech hunn awer och Bicher déi mech traureg gemaach hunn, wou ech och mol gekrasch hunn. Dat wou ech Tréine gelaacht hunn, war fir mech genau esou wichteg wéi, dat wou ech gepinscht hunn.*



*Produzéiert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou" Schülerzeitung:*

*Gianni Di Paoli, Céline Millim, Ben Stemper, Elsa Hengel, Félix Weber, Christine Mangen*

LYCÉE ROBERT-SCHUMAN LUXEMBOURG

## 100 Joer fräi Gewerkschaften

*Als Schüler konnte mir eis relativ wéineg virstellen, wat eng Gewerkschaft elo ganz genau mécht, a kruten erkläert, dass dës Buch iwwert déi Vereenegungen ass, déi an der Reegel ofhängeg Ugestellter vertrieden a sech fir hir Interessien asetzt. Am Laf vun der Zäit hunn sech ëmmer méi Gewerkschaften a Lëtzebuerg gegrënnt, déi ëmmer méi verschidden Aarbechter, Ugestellter oder Beamten vertrueden hunn, a sech fir hir Rechter bei Loun oder Aarbechtsrechter agesat hunn. D'Buch, dat vun den Historikeren Frédéric Krier, Jacques Maas, Arnaud Sauer an Denis Scuto zesummegesat ginn ass, verschaaft elo een Iwwerbléck op d'Geschicht vun de freie Gewerkschaften hei am Land, an iwwer hir Roll beim soziale Fortschrëtt hei am Land.*



wolfer BICHERDEEG

NEI WELTEN

# Infoblat

Lycée Robert-Schuman




JOERGANG 3, 19/20.11.2016

1. Sait: - Nei Welten

2. Sait: - Lëtzebuerger Buchpräis
- Spack-O-Mat
- Interview m. L. Francois

3. Sait: - Interview mam A. Faber
- Gespréich M. Reichling
- Interview P. Lesch

4. Sait: - Interview mam Premier
- 100 Joer Gewerkschaften

*D'Infoblat vum Lycée Robert-Schuman*

*De Lycée Robert-Schuman ass frou Iech mat dësem Newsletter e klengen Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat Iech hei zu Walfer op der 22. Ausgab vun de Bicherdeeg erwaart huet. En Team vu Schüler aus dem LRSL, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou" produzéieren, huet elo schonn dat drëtt Joer d'Responsabilitéit iwwerhuel fir Iech hei e puer flott Eventer an interessant Interviewe mat bedeelegte Leit dokumentéiert ze hunn.*

*Luc Wildanger*




## Nei Welten

*Die diesjährige 22. Ausgabe der „Walfer Bicherdeeg" findet unter dem Motto „Neue Welten" statt. Eine Frage, die sich viele vielleicht nun stellen werden, ist was mit diesen neuen Welten denn nun genau gemeint ist? Gemeint ist die neue Welt der Medien; eine Welt, in der wir nicht nur mit Bildern überflutet werden, sondern in der soziale Medien eine immer wichtigere Rolle spielen. Kurz gesagt, das Thema behandelt die Digitalisierung der Medien.*

*Doch was hat dies nun mit Büchern zu tun? In einer Welt, in der alles immer schneller gehen muss, einer Welt, in der kein Mensch mehr Zeit hat, spielen digitale Bücher, sogenannte E-Books, eine immer größere Rolle. Wofür Leser sich noch vor wenigen Jahren ins Auto setzen und zu einem Bücherladen fahren mussten, reicht heute ein Klick und das Buch befindet sich schon auf dem Smartphone, dem Tablet oder dem Kindle. Doch unsere Welt wird nicht nur immer schneller, die Menschen werden auch immer bequemer, so wird auch das klassische Buch aus Papier dank Onlineversandhaus mit einem Klick einen Tag später geliefert. Der Gang zur Buchhandlung wird somit überflüssig.*

*Haben traditionelle Bücher und Buchhandlungen so überhaupt noch eine Zukunft? Kann es eine Koexistenz dieser beiden konkurrierenden Welten geben? Die Antwort hat nur der Konsument, denn er wird entscheiden, ob diese neuen Medien, also die Schnelligkeit und Bequemlichkeit, einen weiter wachsenden Stellenwert einnehmen als die traditionellen Medien.*

*Da die neuen Medien eine existenzielle Bedrohung für die Zukunft des Buches darstellen, steht dieses Thema auch im Mittelpunkt der diesjährigen „Walfer Bicherdeeg".*

*Die Besucher der „Walfer Bicherdeeg" haben klar definierte Ansichten, wie dieses Phänomen „digitalisierte Medien" sich weiter entwickeln wird. Auf Nachfrage äusserten sie häufig die Meinung, dass beide Welten wohl auf Dauer nicht koexistieren können. Die neuen Medien würden das traditionelle Buch irgendwann vom Thron stoßen und die Vorherrschaft in der Medienlandschaft übernehmen. Doch im Kontrast zu dieser Ansicht kommen die meisten Besucher immer noch um nach „Schätzen", wie alten Büchern zu stöbern und etwas über die luxemburgische Literaturlandschaft zu erfahren. Noch scheint die alte Welt die Nase vorne zu haben.*

*Doch die „Bicherdeeg" bestehen natürlich nicht nur unter dem Motto „Neue Welten". Im 22. Jahr sind sie schon längst kein Geheimtipp unter Bücherfreunden mehr. Doch was macht die „Bicherdeeg" so attraktiv? Die gute Stimmung spielt dabei ganz sicher eine große Rolle, außerdem sollte für jeden etwas dabei sein, ob er nun lieber Fantasy, Science-Fiction, Kriminalromane oder Sachbücher liest. Nicht nur neue Bücher werden hier verkauft, auch alte, gebrauchte Bücher finden hier neue Leser. Konzerte und Lesungen von luxemburgischen Autoren tragen zum Erfolg der „Bicherdeeg" bei, und sorgen dafür, dass die „Bicherdeeg" ein fester Termine im Leben der Besucher darstellen.*

## De Lëtzebuerger Buchpräis

Wie jedes Jahr wurde auch dieses Jahr im Rahmen der „Walfer Bicherdeeg“ der Luxemburger Buchpreis am 17. November verliehen. Der Preis wurde in den fünf Kategorien Fiction, Non-Fiction, Beaux Livres, Kinder-und Jugendbuch und die Sonderauszeichnung Coup de Coeur verliehen. Die Preise gingen an Claudine Muno, Maischi Tibesart, Marc Schoentgen/Pierre Even, Renée Weber und die Sonderauszeichnung an die Autoren Carla Lucarelli, Jeff Schinker, Nathalie Ronvaux, Ian de Toffoli, Guy Helminger, Gast Groeber, Raoul Biltgen, Florent Toniello, Francis Kirps, Tullio Forgiarini, Nora Wagener, Jean Bürlesk, die alle an dem prämierten Buch mitgeschrieben hatten.



Claudine Muno, die mit ihrem Buch „Komm net kräischen“ den Preis in der Kategorie Fiction gewonnen hatte, las am Samstag im Bicherbus aus ihrem preisgekrönten Buch vor. Danach stand die Professorin für Musik und kreatives Schreiben am „Lycée Ermesinde“ uns in einem Interview Rede und Antwort, und zeigte sich erfreut über den Sieg. „Ich war überrascht, ich hatte wirklich nicht damit gerechnet, denn ich hatte viel Respekt für die anderen Schriftsteller in dieser Kategorie. Ich bin aber sehr froh, dass ich diesen Preis empfangen durfte. Die Schriftstellerin erklärte, sie habe schon als kleines Kind geschrieben, Geschichten erfunden und ganze Hefte vollgeschrieben.

Claudine Muno erklärte uns weiter wie sie ihre erfolgreichen Geschichten entwickelt. „Bei mir fängt es mit einer Figur an, die dann eine Geschichte erlebt, ich stelle mir also zuerst die Figur vor und konstruiere dann eine Geschichte um sie herum.“

## Spack-o-Mat

D’Walfer Bicherdeeg si scho laang méi ewéi just eng Bicherveranstaltung. Frei nom dësjährege Motto „Nei Welten“, sinn d’Diere vun de Bicherdeeg seit enger Zäitchen schonn op fir aner Kënschtler. Esou si Concerten op de Walfer Bicherdeeg mittlerweil och schonn eng Traditioun.

Dës Editioun ware mat „Spack-o-Mat“, eng lëtzebuergesch Musiksgrupp mat dabäi, déi 2009 zu Diddeleng gegrënnt gouff. D’Band besteet aus véier Leit: De Mulles Däppeskapp, den Dan Duuschtkrunn, den Tun Duuschtkrunn an de Pir Pierchen. Um Concert op de Walfer Bicherdeeg haten si allerdings nach en extra Gittarist, deen amfong hiere Fotograph ass.

Hier Lidder kéint een als “Comedy Folk” bezeechnen: Country/Folk-Musik mat lëtzebuergesche Texter, déi all méiglech Themen aus dem Alldag op eng witzeg Aart a Weis behandelen. Si selwer soten, dass si oft Inspiratioun aus de sënnlose Gedanken zéien, déi si heiansdo hunn. D’Band huet och schonn zwee Albumen veröffentlecht, nämlech “Décken Nougat” (2012) an “Kale Kaffi” (2015). Mat hierem Concert hunn si d’Leit während bal eng an eng hallwer Stonn gutt ënnerhalen.

## Interview mam Luc Francois

**De Luc François (23), e leidenschaftleche Fräizäit-Auteur a Metal-Sänger, huet dem Public haut de Mëtteg op de Walfer Bicherdeeg säin neie Fantasyroman “Mein ewiger Winter” virgestallt. Mir haten duerno d’Geleeënheet, him e puer Froen iwwert hien a säi Wierk ze stellen.**

*Mäin neit Buch, “Mein ewiger Winter”, ass mäi véiert Buch an ass virun e puer Méint erauskomm. Et ass eng e bësse méi düster Fantasy-Geschicht an där et ëm e jonken Typ geet, deen, typesch fir eng Fantasy-Story, d’Aufgab kritt, de Leit op eng e bëssen epesch Aart a Weis ze hëllefen. Den Zwist un der Saach ass eben, dass et net nëmmen ëm d’Erfëlle vun der Aufgab u sech geet, mee och dorëms, wéi hien domat eens gëtt an och deelweis dorun zerbrécht.*

**“Mein ewiger Winter” ass gläichzäiteg och dat éischt Buch, mat deem dir mam Schreiwen ugefaangen hutt. Wéi koum et, dass der soulaang doru geschafft hutt?**

*Ech hunn ugefaangen, d’Buch ze schreiwe, wéi ech op der Deuxième am Lycée war. Dunn koum allerdéngs d’Première an duerno och d’Uni dertëschent, soudass ech laang Zäit net d’Geleeënheet hat, et z’iwwerschaffen, och well ech schonn un engem nächste geschafft hunn. Sou koum et, dass et u sech laang Zäit hallef fäerdeg war, an där ech och e puer Mol versicht hunn, d’Handlung e bëssen ëmzeschreiwen, mee et huet ëmmer erëm eppes net ganz sou funktionéiert. Dunn hunn ech eng Datei mam Bäinumm “Final Try” erschaf, an dorausser ass dann och tatsächlech d’Buchversioun entstanen.*

**A wéi eng Richtung plangt dir elo, zukünfteg Bicher ze schreiwen?**

*Mäin nächst Buch ass am Fong scho fäerdeg. Et ass dës Kéier Science Fiction, a meng nächst Bicher wäerten och méi an déi Richtung goe, well ech an dësem Genre ähnlech Fräiheete wéi am Fantasy hu, soulaang een sech u bestëmmte Regelen hält, mee am Géigesaz zum Fansaty riskéiert ee beim Science Fiction keng sou staark Aschränkunge, wat den Handlungsstrang ubelaangt.*

*E bëssen zwéngen ech mech also, eng Kéier ëmzeschalte, mee ech muss soen, dëse Wandel ze maachen huet richteg gutt gedoen.*

## Interview mam Anne Faber

**Wéi ass Är Passioun zum Kachen entstanen?**

*Ech hunn ëmmer scho gäre gekacht, also eigentlech gebak. Wéi ech kleng war, war ech an de Scouten an do kritt ee jo ëmmer sou Badgen. Ech hat der nëmmen zwee an zwar de Reportbadg an eben dee fir ze kachen.*

**Wéi eng Kiche gefält Iech perséinlech am Beschten?**

*Déi asiatesch, déi thailännesch an awer nach vill weiderer. Ech hunn immens gäre Goûten aus der ganzer Welt an am léifste Fusionskichen. Ech iessen eigentlech all Dag rëm Saachen aus anere Länner. Wann ech elo misst eng Woch laang nëmmen englesch iessen, hätt ech keng Loscht méi. Ech hu gären déi Varietéit.*

**Loosst Dir Iech och nach ëmmer gäre vun anere bekäschtegen?**

*Ech gi ganz gäre bei anerer iessen, mee oft trauen déi sech schonn net méi mech anzelueden. Ech sinn och keent wat dat kritiséiert. Ech si frou wann ech ka mat anere Leit schwätze an ech léieren och oft erëm nei Saache vun deene Leit.*



**D’Thema vun de Walfer Bicherdeeg ass jo dëst Joer „Nei Welten“. Wei géift Dir dat op d’Gastronomie bezéien?**

*Et kann een déi traditionell Rezepter mat e bëssi méi internationale Goûte verbannen. Et kann een och villes erëm nei entdecken. Bicher sollen engem jo och den Horizont erweideren an ech mengen, dass dat och Kachbicher kënnen.*

**Wéi laang dauert et an der Reegel bis der genuch Rezepter fir en neit Buch zësummen hutt?**

*Fir e Buch mat sou em déi 100 Rezepter brauch ech normalerweis e Joër. Dat ass dann awer vum Konzept bis zum fäerdege Layout. Fir d’Rezepter selwer brauch ech sou 6 Méint. Do gëtt awer dann och all Dag gekacht a Fotoe gemaach.*

**Sidd dir dann och eng begeeschtert Bicherlieserin?**

*Ech hunn englesch Literatur studéiert an ech liese ganz gären, leider net méi genuch. Mëttlerweil kucken ech méi Serien op Netflix wéi ech Bicher liesen. Mee dat lescht Buch, dat ech gelies hunn war “a little life” vum Hanya Yanagihara.*

**Hutt dir e Liiblingsbuch?**

*Ech hunn dem Roald Dahl seng “adult short stories” ganz gären. Se si voller schwaarzem Humor an e bëssi makaber, ganz englesch am Humor.*

## Gespréich mam Marie-Jeanne Reichling

Marie-Jeanne ist Mutter von drei Kindern und Erzieherin. Sie schreibt einen Blogg und Jugendbücher, die Alltagsprobleme von Jugendlichen behandeln wie Mobbing, Bulimie, Magersucht und die ersten zarten Gefühle. „Ich besitze auf jeden fall ganz viel Fantasie und habe auch vieles erlebt. Ich sehe vieles und so entstehen meine Ideen. Ich denke mir Geschichten aus und schreibe sie für Kinder und Jugendliche.“ Ihr neues Buch besteht aus vierzehn verschiedenen Kurzgeschichten geschmückt mit Poesie, die entweder frei erfunden sind oder aber auf ihrer eigenen Erfahrung basieren. Sie setzt auf die jugendliche und einfache Sprache ohne ein Blatt vor den Mund zu nehmen. Ihr Lieblingsbuch ist auch heute noch die Bibel, weil „viele interessante Sachen die einem im Leben und der Persönlichkeit helfen können dort behandelt werden.“

## Interview mam Paul Lesch

**Sinn d’lëtzebuergesch Medie konkurrenzfäheg am internationale Raum?**

*D’Masse critique zu Lëtzebuerg ass ganz kleng. Wou et an aner Länner fir eng Regioun, déi sou grouss wéi Lëtzebuerg ass, nëmmen eng Zeitung gëtt, ginn et der zu Lëtzebuerg direkt e puer. Déi kënnen nëmme liewe well se vum Staat ënnerstëtzt ginn.*

**D’Thema vun de Bicherdeeg ass jo dëst Joer „Nei Welten“; bereeden Iech des „Nei Welten“, also d’Digitaliséierung vun de Medien, keng Suergen?**

*Suergen ass vielleicht dat falscht Wuert. Et muss ee léiere mat der Digitaliséierung eens ze ginn, déi positiv Säiten dovunner ze notzen an déi negativ anzeschränken, ouni awer d’Fräiheeten anzeschränken. Le tout digital ass villäicht net déi richteg Léisung, mee dat Digitalt imposéiert sech eben. Et muss ee kucke wéi dat analoogt niewendrun existéiere kann. Vinyl ass dofir e Beispill, well d’Vinylplacke scho sou gutt wéi ausgestuerwe waren, awer elo eng gewësse Renaissance erliewen.*

**Sidd Dir e passionéierte Lieser?**

*Ech kann net soen, dass ech e grousse Literaturlieser sinn, ech liese ganz vill Sachbicher iwwer Film, Geschicht oder Technik. Fir Literatur, souguer déi einfach, der ech fréier vill gelies hunn, fannen ech oft keng Zäit méi. Ech weess, et kann ee sech se ëmmer huele, mee fir mech hunn aner Bicher Prioritéit, wat mer da keng richteg Zäit léist fir Romaner ze liesen*

**Wat ass Äert Liiblingsbuch?**

*Dat ass en Interviewbuch vum Francois Truffaut mam Alfred Hitchcock, wat mech Jore laang a menger cinephils Carrière begleet huet.*